

A nach eemol KRONOSPAN

Parlamentaresch Fro zum Thema
KRONOSPAN
www.chd.lu

Eng Fro koum vum Deputéierten Gusty Graas (DP) an déi huet sech konkret op d'„*Nuisances sonores, olfactives et de poussière provenant de Kronospan*“ bezunn.

Eng Äntwert koum dunn vum Serge Wilmes (Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit):

- tëschent Juni an August 2026 goufen bei der Ëmweltverwaltung 45 Plainten am Zesummenhang mat KRONOSPAN agereecht. All Plainte gëtt analyséiert an et gëtt gekuckt ob eng weider Inspektioun um Terrain néideg ass, an ob d'Virschreften an d'Grenzwäerter vun den Emissiounen vun der Firma als „établissement classé“ agehaale ginn.
- der Firma KRONOSPAN gouf duerch ministérielle Beschloss e „Plan de gestion des poussières“ opgedroen, un deem se sech haale muss. Déi ugekënnegt Moossname vun der Firma ginn an déi richteg Richtung.
- d'Ëmweltverwaltung mécht verstärkt Inspektiounen um Site selwer a garantéiert esou duerch reegelméisseg Berichter, d'Konformitéit an d'Anhalen vun de gesetzleche Virschreften. Des Berichter ginn um Site vun der Ëmweltverwaltung verëffentlecht. www.emwelt.lu

Klängt gutt! Awer wat ass d'Realitéit?

Et stëbst an et sténkt, wat net däerf sinn. De Stëbs reizt d'Otemweeër an d'Schläimhaut. Wat mécht, dass de Stëbs esou Reizunge bei de Leit ausléist?

D'Anhalen vum „Plan de gestion des poussières“ schéngt nëmmen zäitweis ze klappen. Bleift d'Fro wisou? Et kéint e bal mengen, dass d'Filteranlagen nëmmen zäitweis ginge funktionnéieren?

A wéi ass et mam Kaméidi, dee virun allem Nuets munchmol net auszehalen ass ?

Jo, d'Ëmweltverwaltung mécht reegelméisseg Kontrollen a verëffentlecht Berichter iwwert déi Kontrollen.

Wat sinn d'Fakten?

Säit Joren ginn ëmmer erëm zum groussen Deel déi selwecht Non-Konformitéite festgestallt. Et ginn Delaie festgeluet wou des solle behuwe ginn. Dat geschitt awer net! Keng Sanktioun, keng Konsequenzen !

Firwat gräife bei KRONOSPAN déi „normal“ Virschreften net?

Ma den Dr. Matthias Iredi vu KRONOSPAN huet an der netëffentlecher Versammlung de 6. Februar dëst Joer zouginn, dass seng Firma sech virun allem un „déi amerikanesch Normen“ hält. Zitat: „*Die europäischen Normen sind viel strenger!*“

D'Firma KRONOSPAN ass net säit gëschter ma säit 1994 an eiser Gemeng a betrib.

ET GEET ELO DUER !

Eng dauerhaft Besserung ass net an Aussiicht, an d'Leit hunn es sat!

Schrëftlech Plainten, Reklamatiounen, Lieserbréiwer, Bréiwer un d'Membere vum Schäffen a Gemengerot.

D'Onzeftiddenheet an d'Roserei wisst bei de Leit, zu Suessem, zu Déifferdeng, zu Zolwer an der Cité Scheierhaff. D'Leit fillen sech weder eescht geholl nach respektéiert.

3 kuerzfristeg Moossname sinn elo néideg:

- d'Firma KRONOSPAN muss eng **Hotline** mat engem Répondeur ariichten, fir dass direkt ka reagéiert ginn, wann ongewéinlech Ëmweltbelaaschtungen wéi Stëbs, Geroch a Kaméidi festgestallt ginn;
- um Site vun der Firma muss eng **permanent Miessstatioun** installéiert ginn, wou een „en temps réel“ Date kann ofliesen an esou och den direkten Zesummenhang mat Iwwerschreidungen ka gemaach ginn, an esou d'Ursach fond gëtt;
- et muss e Begleetausschuss oder e „**Comité d'accompagnement**“ genannt ginn (gouf et och scho beim Ronnebiert, a funktionéiert och gutt zu Esch mat ARCELOR-MITTAL) wou Vertrieederinnen vun der Firma selwer, dem Ministère, de Gemengen an wou och d'Ëmweltorganisatiounen wéi de Mouvement an d'BIGS, zesummen, respektvoll un engem Dësch setzen, no Léisungen sichen an no baussen transparent kommunizéieren.

Wou kann ech mech beschwéieren?

KRONOSPAN: t.gorski@kronospan.lu
Ëmweltverwaltung: inspections@ae.v.etat.lu
<https://environnement.public.lu/fr/emweltprozeduren/personnes-privees/plaintes.html>
Gemeng: mail@suessem.lu
BIGS: big@pt.lu

